# Gemengewahlen 2011

**Berbuerg**
26. September 2011

**Léiw Matbiergerinnen a Matbierger,**

**Mäi Numm ass FRIES-Wollscheid Gabi an ech hu meng Kandidatur gestallt bei de nächste Gemengewahlen am Okober.**

**Ech wunnen elo am 14. Joar am aale Parhaus vu Berbuerg. Ech wëll mech hei kuerz bei all deene virstellen, déi mech nach net kennen an lech alleguerte meng perséinlech Gedanke matdeelen, wann et em eis Gemeng geet.**

**E puer Punkten hunn ech fir lech hei opgegraff, iwwer déi Dir lech och scho villäicht Gedanke gemacht huet, oder déi lech op déi eng oder aner Art a Weis bewegen.**

Zu ménger Persoun:

- Ech hunn 53 Joar
- Hausfra a Mamm vun 5 Kanner
- Wënzer- a Baueremeedchen
- Säit 10 Joar an der Jugendkommissioun vun der Gemeng
- Säit 12 Joar am Comité vum BBC Avenir Berbuerg
- Säit kuerzem Aushëllef an der Maison Relais zu Ruedt/Syr
- Aktiv am:

  Rudden Hunn - Berbuerg

  Let's Dance - Manternach

## Allgemeng

- Bei all Gemengewahlen gëtt versprach an duerno erklärt wat sech ännere soll. Dat ass och gudd esou an d'Bierger mengen duerno ze wëssen wou se dru sinn.
- Am Fall vun enger Fusioun vun den 2 Gemengen Manternach a Bech geheit de Staat eis iwwer 4 Milliounen Euro no a mir maachen elo schons eng sëllech Saachen zesummen.

  Op wat waarde mer ?

## Verkéier

- An all Cité vun der Gemeng fueren d'Autoen elo all mat 30, awer an den Agäng vun den Uertschaften hu mer nach ëmmer déi rengste Rennpisten!.
- All Dag fueren Dosenden grouss Busser hin an hier duerch eis Dierfer, awer et sëtzt kaum eenen dran ! Gëtt et keng méi kleng Bussen, déi dann awer méi oft kéinte fueren ?

## Energie

- Aner Gemengen ronderem eis hunn et begraff op alternativ Energien ëmzestellen (Wandrieder, Holzschnëtzelanlagen vir Gemengegebäier, Sonekollekteren….) awer mir lafen nach ëmmer hannendrun !
- Wéi steet et mam Gas ?
- Ech kéint mer virstellen emol vun der Gemeen gefrot ze ginn waat ech da gären fir d'Zukunft hätt !

## Jugend a Senioren

- Anstatt de Kanner eng Struktur anzerichten wou sie sech wuelfillen, kucke mer hinne no, wéi se de ganzen Dag duerch d'Duerf tigeren a reegen eis dann iwwert se op.
- Aner Dierfer bidden de Kanner Summeraktivitéiten, Skaterpisten oder Jugendheiser.
- Ech kéint mer vistellen eis Senioren vill méi anzebannen, z.B. bei der Verschéinerung vun eisen Dierfer.

## Industrie

- Mir hunn nach ëmmer keng manéierlech Handwierker- an Industriezon, wou sech eis Betrieber aus dem Duerf oder nei Betrieber vun dobaussen kënnen entwéckelen.
- Dat géing net nëmmen Arbechtsplaze schafen, awer och nach ëppes an d'Gemengekees brengen.

## Natur an Emwelt

- Am Kader vun der Duerfverschéinerung kéinten vill méi Blummen a Grénganlagen ugeluegt ginn. Firwat gëtt dat net gemach wa souwiesou nei Strossen ugeluegt ginn ?
- Fir all eis Matbierger déi en Hond hunn wier et ubruecht eng Hondswiss anzerichten oder wéinegstens Tutespenderen opzestellen lanscht d'Wéer.

**Dat sech 17 Kandidaten fir des Gemengewahle opstellen seet schons vill aus.**

**Et geet mir net drëm, fir d'Raad nei ze erfannen oder alles besser ze machen, awer ech well mech dofir asetzen, dat an Zukunft den Dialog mat der Gemeng besser fonctionnéiert. De Gemengebuet ass schon iwwerlieft wann e gedréckt get an d'Leit kréien nach de Schnéi vum leschte Joer zervéiert.**

**Ech hoffen dir denkt ähnlech wéi ech.**